


aip



info



fréijoeer 2012

COMITÉ



De Comité bis d'Generalversammlung am Mee 2012, 1. Rei vu lénks no rechts: Anne Stahl, Yola Hild, Simone Thill-Buchmann. 2.Rei vu lénks no rechts: Joëlle Theobald-Schmit, Nathalie Poos, Carole Ciatti austriedend. Neie Member Joëlle Niederweis, net op der Foto.

Comité de l'AIP

Présidente:

HILD Yola

36, rue de Mamer
L-8081 Bertrange
Gsm: 621 250 173
e-mail: yola.hild@education.lu

Secrétaire:

THILL-BUCHMANN Simone

36, op der Schanz
L-6225 Altrier
Gsm: 691 111 053
e-mail: thill.simone@education.lu

Trésorière:

THEOBALD-SCHMIT Joëlle

24, rue de Mensdorf
L-6911 Roodt-sur-syre
Gsm: 691 250 269
e-mail: joelle.theobald@education.lu

Membres:

STAHL Anne

12, rue Kummert
L-6743 Grevenmacher
e-mail: astahl@pt.lu

POOS Nathalie

55, Hauptstrooss
L-6869 Wecker
Gsm: 691 789 914
e-mail: nathalie.poos@education.lu

NIEDERWEIS Joëlle

10, an der Uecht
L-6695 Mompach
e-mail: joelle.niederweis@education.lu

Siège social et adresse postale:

AIP

c/o THILL-BUCHMANN Simone

36, op der Schanz
L-6225 Altrier
e-mail: thill.simone@education.lu

www.aip.lu

ÉDITORIAL

Onse Bilan vum MEN!

Socle erreecht = ☐ jo?
☐ nee?

Léif Kolleginnen, léif Kollegen!

Virun engem Joer schonn hu mir all ons Hoffnungen an d'Joer 2012 gesat – endlech ass et souwäit. Fir de September wëllt de MEN säi Bilan „neit Schoulgesetz“ fäerdeg hunn. Natierlech zitt de Ministär dëse Bilan, wéi versprach, am Dialog mat all de Gewerkschaften, awer natierlech froe mir ons, wéi esou dacks, ob ons Kritiken a Verbesserungsvirschléi berücksichtegt wäerte ginn.

Ware mir (AIP, SNE, SEW) laang eleng, fir onsen Ierger iwwert an ons Onzefriddeneheet mat deem neie Schoulgesetz ze weisen, sou ass dat zanter dësem Schouljoer anescht. D'Leit aus alle Schoulen – Fondamental a Secondaire – hunn zesumme manifestéiert, eng éischte Kéier zu 2 700 am Centre Atert zu Bartreng, an eng zweete Kéier zu 6 000 an de Stroosse vun der Stad. Mir aus dem Fondamental géint dat, wat mir kruten, an déi aus dem Secondaire géint dat, wat fir si geplangt ass, an zesumme géint de Projet vun de Ministere Biltgen a Modert hirem Paltongszéierstaatsbeamtengesetz. Mir mengen, dass d'Madame Delvaux an hir Mataarbechter – och wann d'Fënsteren an d'Dire vum Ministär zou waren – déi vill vill onzefriddene Enseignanten, Educateuren, Schüler, ... gutt gehéiert hunn, a mir denken, dass si déi vill engagéiert Leit net kënnen, d.h. net däerfen ignoréieren.

Mir, d'AIP, si solidaresch mat den Enseignantsgewerkschaften a sinn derbäi, wann ëmmer et ëm d'Qualitéit vun der ëffentlecher Schoul geet an de Respekt fir onse Beruf. Schliesslech si mir – de Cycle 1 – den éischte Steen vum Schoulgerüst!

Ons Haaptfuerderunge sinn:

1. **D'Upasse** vun onser „tâche normale d'enseignement direct“ un déi vun de Kollegen aus de Cyclen 2-4
2. Eng méi „**iwwerluecht Approche**“ vum MEN fir d' Ëmsetze vun onsen Appui-Stonnen
3. **Keng Vermëschung** vun der pädagogescher Missioun vun den Enseignanten aus dem Cycle 1 mat der edukativer Missioun vun den Educateuren aus Maison Relais / Foyer / Crèche

Mat onse Fuerderunge si mir bei d'Chambers-Fraktioun vum DP, déi Gréng an LSAP gaangen, a si hunn ons hir Ënnerstëtzung garantéiert.

Vun onser Ministesch erhoffe mir ons déi selwecht Asiicht an ons Kritiken an déi selwecht Ënnerstëtzung, fir onse Fuerderunge gerecht ze ginn, fir dass mir, d'AIP, am September dem MEN kënnen an de Bilan schreiwen:

Socle erreecht = ☒ jo
☐ nee

Yola Hild

QUESTIONNAIRE

Ëmfro AIP 2011 iwwer den Appui

Allgemeng:

Mir hunn eis erlaabt, d'Hauptideeën ze gruppéieren, well Verschiddenes gouf ganz oft ernimmt.

- Den Appui soll flexibel kënnen agesaat ginn, zum Gudde vun de Kanner. Et soll een Vertrauen an den Enseignant hunn.

Wéi eng Domainer ginn ugesprach? (Wichtig ass et hei ze weisen, dass bei all Aktivitéit méi Beräicher ugeschwat ginn)

- All Beräicher ginn ugeschwat.
- Mir machen am Appui meeschtens Gesellschaftsspiller déi verschidden Notiounen verdéiwen déi mir grad an der Klass zesummen behandelt hun: z.B. Sprooch: notions d'espace, Précalcul: Zueleland, Faarwen a Formen, Würfelspiller..., Spill zu den Joreszaiten, der Ernährung, dem Kieper.... Während denen 2 Joeren hun mir och emmer verschidden Spiller gemach, ofhängeg vun dem wat mir grad behandelt hun. Doduerch gin och emmer aner Kompetenzen ugesprach.
- All Aktivitéit, déi de Kanner weiderhëlleft am léieren awer och an hirer Entwécklung an am soziale Beräich.
- Ech hunn d'Compétences mat de Kanner gemaach: Allgemenges, Schoulliewen, Sprooch, Mathématiques, Motorik a Sängen...
- Bei allen Aktivitéiten zumolls am klénge Grupp: Sprooch, „Production“ a „Compréhension“
- Sprooch,: Lëtzebuergesch, Logopedesch, Psychodrama, Musek, Mathé.
- Beim Kachen hun mir vill Wäert op de Beräich « La vie en commun et les valeurs » geluet : d'Kanner decken den Dësch, mir iessen zesummen, Deschmanéieren gin respektéiert, etc. Mee och de Beräich vun der Sprooch gëtt gefördert : Vokabulär vun den lesswueren, dem Geschir an der Kichen, matenee schwätze während dem lessen, Rezepten liesen... Wa mir mat de Kanner gekacht hun kommen och Notiounen aus dem Beräich vun der Mathé (Gramm, Liter, weien, ...) an dem Eveil (verschidde Reaktiounen, Maschinnen entdecken, ...) op. Ausserdeem gëtt d'Fäinmotorik trainéiert (Verpakungen opmaachen, schneiden, réieren) an d'Kanner ginn opmierksam wat et heescht sech gesond z'ernähren.
- An den Eenzelaktivitéiten hu mir oft am Beräich vun der Sprooch geschafft well do méi Kanner Schwieeregkeeten haten. Dësweideren hun mir och d'Motorik gefördert fir d'Selbststännegkeet vun de Kanner ze verbesseren (Fäinmotorik fir Jacketten zou ze man, Trape goen, Gleichgewichtsübungen, etc.)
- All d'Domainer no Bedürfnis. Och d'Accompagnement (Bsp: Ausflug, Bësch...)
- All Domainer kënnen ugesprach gin: Fein- a Grobmotorik, Psychomotorik, Sprooch, Rythmik, Spillverhalen (Rollespiller, Gesellschaftsspiller), sozialt Verhalen, mathem.-logesch Denke, Raumorientatioun, Konzentratioun...
- Sprooch lauschten, kucken, nodenken, Ëmwelt, Relatioun mat dienen aneren, reimlech, visuel, motoresch...

Wat sinn d'Objektiver/Zieler vun der Aktivitéit?

- de Kanner hirt Selbstwäertgefëhl staark ze maan, hirt Selbstvertrauen ze stäerken,
- Respekt ee fir deen aneren ze léieren, etc.
- Verschidden Kanner kommen och öfters drun falls mat hinnen verschiddenen Sachen nach eng Kéier mussen widderholl gin.
- D'Kanner no hierem Rhythmus, esou wäit wéi méiglech ze fördern.
- Schwammen, Ënnerstëtzung vun all Kand, Autonomie.
- Eenzel Gruppen no Domainer opgedeelt (Sprooch, Mathé, Motricité fine...)
- Mir hu mat der Klass gekacht well mir déi kleng net nach obligéiere wollten no der Schoul dozebleiwen (e groussen Deel vun de Kanner geet iwwert Mëttesstonn souwisou net heem mä bleift an der Maison Relais). Am allgemengen hate mir dunn d'Ziel de Kanner d'Méiglechkeet ze ginn eppes zesummen am Grupp z'erliewe fir de soziale Beräich do-duercher ze fördern.
- D'Enzelaktivitéiten déi mir mat verschiddene Kanner gemaach hunn haten d'Ziel dës Kanner d'Méiglechkeet ze ginn hinne bei hire Schwächen op spilleresch Art a Weis ze hëllefen.
- -Aktivitéiten ze bidden, zu deenen se nit esou oft oder guer keen Zougank hunn (z.Bsp. Airtramp, Theateropféierung kucke goen, Museesbesuch,...).
- Den Appui zielt och fir Kanner, déi an hirer Entwécklung vill méi wäit sinn wéi hir Klassekollegen a fir déi vläit eng verkierzten Zäit am C1 a Fro kéint.
- Fred um „Léieren“, Nodenken, Konzentratioun, Retard opschaffen.

QUESTIONNAIRE

- Z.B. ass et einfach 4 Kanner ze beobachten ob sie de Bläistëft richteg halen, wat bei der ganzer Klass schwéier ass. Grad esou wéi oppassen op hier Schreifrchtung richteg ass?

Wéi eng Kompetenze gi bei wéi enge Kanner entwéckelt? (Wichtig ass et, ze weisen, dass ënnerhalb vun enger Aktivitéit individuell gefërdert ka ginn)

- Ass hierem Besoin ugepasst.
- Sprooch, sozial Verhalen, verschidde Kanner d'Angscht huelen.
- An der Klass eenzel schaffen. Do wou et grad gebraucht get.
- Differenzéiert schaffen.
- Kanner, déi nach Ängschten hunn, staark maachen.

Wéi ass de Grupp zesummegezat? Firwat? (Fir d'Kanner alleguer, Zesummesetzung vun de Gruppen no Besoin'en, Interessien etc.?) Wéi grouss ass de Grupp? Firwat? Konnt Dir den Appui och fir all Kanner ubidden?

- Mir huelen ëmmer kleng Gruppen vun 3-5 Kanner, all d'Kanner aus der Klass kommen soumat all puer Kéieren un d'Rei.
- Fir d'Kanner alleguer, grouss Grupp, och 5-6 Kanner an eenzel an der Klass.
- D'Kanner alleguer haten d'Méiglechkeet bei eis zesummen z'iessen. Eise Grupp war awer net ze grouss fir d'Kanner zu zwee Enseignanten z'encadréieren.
- Bei den Eenzelaktivitéiten hun mir Gruppen no Besoin'e gemaach.
- Déi besschen méi lang brauchen, educatif Spiller, wou vill Compétencen ugesprach sinn.
- Ech schaffe matt enger Grupp von 12-14 Kanner.
- Verschidden Kanner kommen och öfters drun falls mat hinnen verschidden Sachen nach eng Kéier mussen widderholl gin.
- 3-4 Kanner, esou kann ech och mol méi individuel mat all Kand schaffen.
- Beim Schwammen d'ganz Klass an individuel.
- Am Fräispiell 5-6 Kanner ofwiesselnd.
- Et soll jiddereen dovun profitéieren.
- Beim Kachen hun mir de ganze Grupp gefrot fir ze kommen (16 Kanner). Mir haten am Duerchschnitt ongeféier 10 Kanner iwwert Mëttesstonn do.
- Soll flexibel gehandhabt ginn: et kann ee mat eenzelne Kanner schaffen, mat klengen Gruppen (4-5 K.).
- 3-5 Kanner, de Kontakt ass vill méi intensiv, d'Kanner kommen oft drun, ginn net gestéiert.
- Ausserdem hun mir d'Kanner eenzel oder a klengen Gruppen a Beräicher wou si méi Problemer hate während dem Fräispiell gefërdert.

Wéini? (moies, Mëttesstonn, no der Schoul, fräie Nomëtteg etc...)

- An där normaler Schullzäit.
- Et as Dëschdes an Doneschdes vun 11h25-12h15 an eise Klassen (déi meescht Kanner gin während där Zait souwisou an d'Surveillance well den Primär bis 12h15 Schoul huet).
- No der Schoul vun 16.00 bis 16.30 an dat 3X d'Woch.
- Während de Schwammstonnen.
- Moies no der Schoul fir déi kléng Gruppen.
- Dest ass an der Schoulorganisatioun festgehal, well mir hunn dest an „enseignement direct“ emgewandelt.
- No der Schoul 5-6 Kanner verschidden Domainer no opgedeelt.
- No der Schoul.
- An der Mëttesstonn (Kachen) a moies am Fräispiell (Eenzelaktivitéiten).
- Mir wollten d'Kanner net obligéieren no der Schoul mussen ze bleiwe well vill vun hinnen souwisou schonns immens laang an ustrengend Deeg hunn. Wa si mat eis an der Mëttesstonn giess hunn war et fir vill Kanner méi eng roueg Mëttesstonn ewéi soss an der Maison Relais wou de Grupp Kanner méi grouss an dann och méi haart ass.
- Während de Schoulstonnen (moies oder mëttes), „suite à horaire prolongé“.
- No der Schoul um 16 Auer, well an der Mëttesstonn d'äerfe mir net, dat ass Schued, et wir gudd Dëschdes an Doneschdes vun 11.40 bis 12.30, mee mir hunn net d'äerfen. Och déi frei Nomëtteger wollten d'Elteren net (Ballet, Turnen,

QUESTIONNAIRE

Musek...).

- Mir am Précoce hunn den Appui deelweis an der Mëttesstonn organiséiert fir mat de Kanner zesummen ze kachen, ze baken an zessen (ongeféier 5 Mol/Trimester).

Wat huet gutt funktionéiert? Wou gouf et Contrainten ?

- Zu deem Thema Selbstwäertgefühl maan ech e paar Geschichten, fir datt déi Iddi besser hänke bleift.
- Léider matt Beweegung a Rhythmus (meestens selwer geschriwwen), a bäi vill Geschichten och engt Würfelspill dobäi, wat genau zu dem Thema passt. Dat gët vill Miglichkeeten, fir matt deenen eenzelnen ze schwätzen, fir op déi eenzel anzegoen.
- hirt Selbstvertrauen ze stäerken, Respekt ee fir deen anneren ze léieren, etc.
- Dat huet bis lo gudd funktionéiert well mir dat vum Horaire hier och sou proposéiert haten an naischt vun der Inspektesch oder der Gemeng virgeschriwen kruten. D'Kanner kommen gären well et hinnen Spaass mecht mat der Léieren zesummen en Spill ze machen.
- Vun der Unzuel hier, huet et gudd geklappt. Den Horaire war leider net ganz gudd gefall. Um 16 Auer sinn d'Kanner dann awer relativ midd, d'Konzentratioun léisst no. (dat Joer virdrun hunn ech mäin Appui an der Mëttesstonn gehalen, daat war ideal mee leider ass eis daat an der Staat Lëtzebuerg fir d'Schouljoer 2010-2011 net méi erlaabt ginn).
- Beim Schwammen ass alles Tiptop ofgelaf. Appui intégrée am Schwammen. (Just méiglech wann een 100% schafft.) D'Kanner sinn vun Ufank bis Schluss besser betreit. Zumols am Waasser ass et flott mat hinnen ze spillen ouni dat si mierken, dat si eppes léieren. Dest festecht och immens hiert Vertrauen zu der Joffer.
- No der Schoul war d'Organisatioun mat de CrècheKanner/Maison Relais/Kantin méi schwierig, heiansdo onméiglech.
- Fir mech war et wichteg des Zäit mat de Kanner esou ze verbrennen datt et hinne Spaass mécht.
- D'Kanner vun der Maison Relais konnten net deelhuele.
- No der Schoul ass net gudd.
- Um 16.00 Auer sänn d'Kanner iwwermidd an d'Kanner hu keng Loscht fir nach an der Schoul ze bleiwen, d'Elteren waren strikt dergéint.
- D'Kanner aus der Maison Relais hunn wegen dem Transport net bleiwe kënnen.
- D'Kanner sinn gäre bei eis kache komm. Vill Kanner hunn all méiglech Liewensmëttel entdeckt, si hunn nei Saache geschmaacht an am Laf vum Joer si si ëmmer méi selbststänneg ginn : Zolot wäschen, Dësch decken, ...D'Kanner waren e ganzen Dag bei eis an der Schoul, wat eis erlaabt huet den Dagesoflaf aneschtens ewéi soss opzedeele (z.B. Rouzäiten abauen).
- Déi Kanner déi soss heem gaange si während der Mëttesstonn ware Mëttes oft immens midd. (Contrainten)
- + Individuell Förderung vum Kand.
- + Zesummenaarbecht ënnert dem Personal gët gefördert.
- +Et kritt een en Abléck an déi verschidde Klassen.
- -Et ass schwierig, ee Stonneplang opzesetzen.
- Keng Méi-Belaaschtung fir d' Cycle 1Kanner, well d'Enseignaten „Nëmmen“ 1 Iwwerstonn kënnen ofginn fir den Appui ze halen. Et ginn ëmmer méi Kanner vun den Eltere fir den Appui ofgemellt! Anerersäits sinn d'Demanden fir Kachen a Baken, Optrëtter...zimlech grouss. Déi Aktivitéite ginn bei äis awer net als Appui ugerechent, obwuel d'Kanner vill derbäi léieren.
- Ech hu gudd Erfahrung gemaach, wann ech den Appui während dem Fräispiell gehalen hunn. Ech het dee Virdeel, datt ech ëmmer zu 2 Léierpersounen an der Klass sinn , esou datt een mam klenger Grupp oder eenzelne Kand och mol konnt an engem anere Raum schaffen.
- Ech hunn och versicht, flexibel ze bleiwen, wat d'Längt vun der Appuistonn ugaangen ass. Meeschtens war dat 3X an der Woch 0,5 Stonn. D'Kanner solle jo ower och vum Fräispiell profitéieren. 1 Stonn als Appui um 11.40 bis 12.30 war ideal.
- D'Begeeschterung bei den Elteren fir Nomëttes no der Schoul ze schécken ass net grouss, et gi vill Ofsoen.

Verschiddenes:

- Mir zielen zu eisen Appui-Stonnen och eis Iwwerstonnen vun enger visite pédagogique oder vum Ausfluch dobäi (dofir hun mir och net all Dëschden an Doneschden Appui).
- Ech wollt iech matdeelen , dass mir de Froëbou nët ausgefëllt hunn, well mir dierfen de Appui als enseignement direct halen. Mir hunn déi 1,5 Stonnen an den Horraire agebaut. Eis Kanner musse souwiso op déi aus dem Primaire waar-

QUESTIONNAIRE

den fir de Bus ze huelen, dofir léisst sech dat gutt maachen.

- **Notre école dispose d'une classe précoce et de deux classes 1.1 + 1.2:**
 - Une fois par semaine, pour la durée d'une heure (de neuf à dix heures) : heure de décharge, chaque classe de 1.1+1.2 crée des groupes avec le précoce de sorte qu'il y ait 8 enfants par groupe.
 - Un groupe est dirigé par l'institutrice du précoce, un autre groupe par l'institutrice du 1.1+1.2. Chaque enseignant travaille une compétence déterminée: l'institutrice du précoce: psychomotricité; l'institutrice du 1.1+1.2 : langage; l'éducatrice : mathématiques.
 - Les enfants fréquentent pendant 3 semaines le même enseignant, après ils changent d'enseignant et donc de compétence.
 - Après un trimestre et demi, les activités et par conséquent les compétences sont changées. On utilise dorénavant des compétences issues du domaine de la découverte du monde par tous les sens, de l'expression créatrice et de l'orientation dans l'espace.
 - Pour la demi-heure d'appui qui reste, chaque institutrice preste un appui direct dans sa propre classe. Cette demi-heure résulte du fait qu'on dispose seulement d'un transport de bus unique pour le C.1 et le C. 2 - 4, comme notre commune est assez petite. Donc, nous commençons l'école comme le C. 2 - 4. Afin d'avoir un horaire régulier pour toute la semaine, notre horaire général comporte une demi-unité "de trop", donc 28,5 unités. Affaire à suivre.
 - Or, l'organisation du transport de bus entraîne des inconvénients pour notre école en matière de contingent, car les heures supplémentaires ainsi prestées par les enseignantes du C.1 (2 par enseignant) ne sont malheureusement pas considérées comme hors contingent.
- Am Prinzip hu mir am C1 eng Ausbildung an eng méi oder manner laang Erfahrung um Terrain, do wäerte mir jo à même sinn, Appui ze halen. Och virun der Reform huet ee sech fir Kanner zousätzlech Übungen missen afale loossen a mat anere konnt ee vläit scho mol méi schwéier Saache maachen.
- Vun der AIP hätt ech mir erhofft, dass si um MEN ging intervenéieren, fir dass den Appui no 2 Joer Reform endlech an de Kanner hieren Horaire ging falen (an d'Tache vun den C1 Leit dee Moment endlech un déi vum 2-4 ging ugepasst ginn).
- Wann de MEN onbedingt wëll e Recueil erausginn, kann hie jo ee fir d'Remplaçanten ausschaffen, déi ewell deelweis nët méi fir ee längeren Zäitraum wëllen ersetze goen, well si jo nët "wëssen" wéi een um Enn vum Trimester d'Bilanen ausfüllt... Domadder kéinte se ville Leit ënnert d'Äerm gräifen!

Contact et soutien

Pour aider et soutenir l'association « Waertvullt Liewen » a.s.b.l., vous pouvez faire un don au compte IBAN LU29 0020 4834 3891 0000 auprès de la BGL BNP PARIBAS.

Vous pouvez devenir membre effectif ou sympathisant en vous adressant directement à l'a.s.b.l. La cotisation annuelle est de 30€.

Si vous-même ou un de vos proches est atteint d'une SLA ou d'une pathologie similaire au Lou Gehrig, n'hésitez pas à prendre contact avec l'association qui, sur base de la situation rencontrée, étudiera la forme de soutien qu'elle pourrait vous proposer.

« Waertvullt Liewen » a.s.b.l.

regio de commerce - F200
8, rue de Languin
L-7234 Bereldange

tel. : (+352) 421 812 340
e-mail : info@waertvullt-liewen.lu
www.waertvullt-liewen.lu



Soutien aux personnes atteintes d'une SLA ou d'une pathologie similaire.






Eng vun eise Berufskolleginnen, a fréiere Member aus dem Comité vun der AIP, ass vun dëser Krankheet befall an huet mat hirer Famill des ASBL gegrënnt. All finanziell Hëllef ass esou wichteg an am Numm vum Nathalie soe mir iech elo schonn am Viraus ee grouse MERCI fir ären Don.

QUESTIONNAIRE

Appui: Problemer, Iddiën, Froen a Virschléi

Dest ass bei eiser Emfro Juli 2011 ugeschwat ginn: Mir hunn eis erlabt, d'Haptideeën ze gruppéieren, well Verschiddenes gouf ganz oft ernimmt.

Verschidden Iwwerleeungen zum Appui:

Allgemeng:

- Den Appui, seng Inhalter mat weem solle mer selwer bestëmmen kënnen an zwar ganz flexibel, mir schaffen um Terrain an hunn d'Ausbildung dofir.
- Am Cycle 1 gëtt de ganzen Dag Appui gemaach, well mir opschaffe wat doheem net méi gemaach gëtt.
- Bei eis muss de ganzen Appui ausserhalb vun der Schoulzäit gehale ginn. D'Eltere vergiesse ganz oft hir Kanner sichen ze kommen oder ze bréngen.
- Wann e krank ass, soll een den Appui net missen nohuelen !!
- Oft ginn d'Kanner, déi am Appui sinn als zeréck bliwwen aklasséiert.
- Ech sinn der Meenung, datt et net vill Sënn ergëtt "Appui" am Cycle 1 unzëbidden. Ech fannen et och net gutt, datt mer d'Kanner aus dem Cycle 1 nach no der Schoulzäit oder op deene fräien Nomëtterger ulackelen. Am Primaire ass et weinstens esou, datt den Appui während deenen "normalen" Schoulzäiten ugebuede gëtt. Am Cycle 1 ass dat jo net méiglech, et feelt ëmmer eng ½ Stonn déi egal wéi mussen ausserhalb vun de Kanner hiren 26 Schoulstonnen ubidden. Ganz oft ginn déi jo kumuléiert an da während engem fräi Mëtteg nogeholl.
- Ech als Mamm géng zum Beispill net onbedingt mäi Kand gären an dësen "appui" schécken, well ech fannen d'Kanner sollen och Fräizäit hunn an ausserhalb vun der Schoul nach Hobbyen nogoen, Sport maachen, aner Kanner kenneléieren,

Wat de Précoce betrëfft:

- Negativ beim Appui: d'Précoce-Kanner kënnen a wëllen net méi no der Schoul do bleiwen!
- Net vergiessen dass d'Kanner vill Spill brauchen.
- Mir emfannen Appui am Précoce net als sënnavoll!!! Doduerch, datt mir an der Klass zu 2 schaffen, kënnen mir souwisou individuell, am klengen, wéi am groussen Grupp zu all Zäit op d'Besoin'e vun de Kanner agoen. Ausserdeem sinn d'Précoce-Kanner no der Schoul meeschtens ze midd fir sech nach ze konzentréieren oder si kräische well si heem wëllen.
- Am Précoce gesinn ech souwéisou net grad de Sënn vun engem Appui, no der Schoulzäit sinn se ze midd an während der Schoulzäit gëtt schonns op all Kand agaangen, mir schaffen jo bal nëmmen a klénge Gruppen (Atelieren, ...)
- Firwat Appui am Précoce? D'Eltere verstinn dat net.

Wat mengt Dir sollt als Appui gëllen?

- Sollt wäit gefächert sinn: all Schoulfeieren. Zimlech alles wat extrasscolaire ass, Mëttesstonn wou een Aktivitéit mat de Kanner meet. Sortien, Ausflug, Theateropféierung vum de Kanner.
- Alles, wou ee sech ausser deenen normalen Arbichtsstonnen em d'Kanner këmmert, och d'Colonie de vacances.
- Schaffe mat Kanner an dene verschiddene Beräicher vun de Soclen an dat regelmässeg all Dag.
- Also mir halen d' Kanner aus der Spillschoul all am Appui a nennen et Plus-Stonn. Mir hëllef Kanner déi Problemer hunn a mir fördern och Kanner déi besonnech Talenter hunn. Mir mengen et soll ee sech net nëmmen op déi schwach Kanner konzentréieren. Hunn och elo scho gemierkt dass wann een zevill mat hinnen un eppes schafft si einfach onsécher ginn. Et sin kleng Kanner.
- Et soll ee näischt bei den Hoer erbäizéien, Appui am C1 ass absolut iwwerflësseg. Dat eenzegt Sënnavollt ass, wann ee mat dene Kanner vläicht Saache fäerdeg mécht oder widerhëlt, déi an der Klass net sou gutt a séier matkommen. Et bréngt näischt, nach Saachen unzëbidden, déi eigentlech kee Kand brauch, wat awer leider muss gemat gi, vu que, dass mir eisen Appui mussen definéieren. D'Kanner hunn eng roueg Mëttesstonn verdéngt an och schoulfräi Dënsdeg an Donneschdeg nomëtter. Mee vill Leit hunn am C1 einfach de Problem, wéini si hiren Appui sollen halen, do bléift

QUESTIONNAIRE

oft nach just d'Mëttesstonn oder no 16 Auer, wat een awer absolut net ka verrieden. De Primaire brauch sech déi Froen net ze stellen!

- Do soll jidderee maache kënne wéi en denkt an am beschten an de Kanner hirer Schoulzäit!
- Wann ee gezielt mat engem Kand u senge Schwächten oder Problemer schafft (och matabegraff Turnen wann néideg)! Wann d'Kanner eppes "zousätzlech" kréien (zB an der Mëttesstonn zesumme mat hinne kachen an iessen).
- Alles, wat eng schoulesch Förderung ass : all schoulesch Aktivitéiten & pädagogesch Sortien (och d'Ëmfeld am Duerf kenneléieren...) & Ausstellungen & Lies- an Bilbiothéksstonnen; d'Mëttesstonnen an d'Iwwerstonne bäi Sortien/ Schoulausfluch; Virféierunge fir d'Elteren (Gesank, Theater, Danz...); Visiten (Muséeën, Beruffer, Technik, Natur an Experimenter) & Psychomotorik, Konscht; Musek an natierlech all déi Zäit fir dat virzebereeden (Mailen/ Telefon/ Bréiwer...)
- Emmer wann e mat engem Grupp Kanner schafft déi een an engem bestëmmte Beräich fördert, awer och wann een z.B. mat der ganzer Klass ennerwee ass op engem Ausfluch oder enger Sortie, wou nach Fräizäit drun hänkt , awer och Aktivitéite wéi LASEP oder ART à L' ECOLE.
- Spazéiergäנג an der Natur, well och Kanner do sinn déi grobmotoresch Schwierigkeeten hunn, eng Sortie an d'Philharmonie oder e Musée oder en Theaterspill, all Méiglechkeeten wat engem Kand hëlleft säin Horizont, säi kulturellen Intérêt ze erweideren, d'Mauere vun der Schoul sprengen an eraus an d'Welt goen, Appui ass dach net nëmme dat wat ee schonn am normale Schoulalldag mëscht, falls een an d'Kolonie mat de Kanner geet misst als Appui matzielen.
- Am Cycle 1.0 virun allem Lëtzebueresch a mat eenzelne Kanner ausserhalb vun der Schoulzäit spillen.
- Kolonie, Airtramp, Theater, Visiten, Sprooch , Mathé, Psychomotorik...
- Alles wat mir als qualifizéiert Léierpersonal fir wichteg fannen (fir sou op déi eenzel Kompetenzen oder Schwierigkeeten oder Talenter asw. vun den eenzelne Kanner anzegoen).
- Et soll een och „Assistance en classe“ am Plaz maache kënnen, dëst kann och individuell Ënnerstëtzung sinn.
- Wann z.B. eng Klass e „Spektakel“ mécht, misst dat och zielen, well dat och d'Kanner weider bréngt.
- Förderung am wäiteste Sënn, Sorties pédagogiques, Projets extra-scolaires.
- All Projet z.b. "Faustlos", Flütte spillen...
- Alles am Intérêt vun de Kanner, alles dat ass eng Plus-value: Ausstellungen, Fester, Sortien, Mëttesstonn, Liesnuecht, Kolonie, Ausfluch, Picknicks Dag, Aarbecht fäerdeg maachen, extra Angeboter...
- Alles wat de Kanner eppes bréngt: Léieren, Spaass mat dem Léierpersonal, Vertrauen opbauen!!! Hëllef bei Problemer, aussergewöhnlech Saachen, déi Sortien a Colonie bréngen.

D'Meenung vun der AIP zum Appui:

- *Der AIP ass opgefall, dat déi meescht Problemer beim Appui entstinn, well d'Tâche vum Enseignant, mat der virgeschriwwener Zäit vum Appui net kann an déi regulär Schoulzäit vun de Kanner aus dem Cycle 1 falen.*
- *Duerfir fuerdert d'AIP d'Gläichstellung vun eiser Tâche mat där vun deenen anere Cyclen, esou wier de Messtand, datt eis Kanner virun oder no der regulärer Schoulzäit musse kommen, behuewen. Vill Problemer mam Transport, mat der Maison Relais, mam Foyer, mat der Assurance géif et dann net méi ginn.*
- *Den Enseignant muss kënne selwer décidéiere wat fir eng Kanner Appui kréien a wou si e brauchen. Et soll kënne flexibel an effektiv geschafft ginn. D'ganz Equipe pédagogique soll hiren Appui selwer kënnen organiséieren. Dat Ganzt ouni Virschreften, ob dat an der eegener Klass oder mat Kanner aus anere Klasse soll sinn. Den Enseignant kennt seng Kanner jo am beschten a weess, wat am effektivsten ass. Regulären Unterrecht oder "Appui en classe" muss iwwerall kënnen als Appui unerkannt sinn.*



ENTREVUE AIP-MEN

Entrevue mat der Madame Minister Delvaux

15.12.2011

Présence: Madame Delvaux, den Här Strauss, Yola Hild, Simone Thill, Carole Ciatti, Joelle Theobald, Nathalie Poos

➔ *Mme Delvaux: wéi ass et mat de Maison Relais'en an de Schoulen? Ass dat streng getrennt oder gëtt do zesumme geschafft?*

Oft sinn d'Kanner a kleng Reim an de Geräischpegel ass ganz héich, si hunn net genuch Personal an ze vill Kanner. Déi Kanner déi an der Maison Relais sinn, si permanent an enger Struktur wou si sech mussen un d'Regelen upassen, mussen sech ëmmer ënner Kontroll halen a funktionéieren.

➔ *Etuden hunn erginn, dass nei Problemer bei Kanner, déi dee ganzen Dag an enger Struktur sinn, opgetaucht sinn.*

➔ *Et ass einfach eng grouss Demande do an de Familljeministère huet an éischer Ligne mol op d'Quantitéit higeschafft fir d'Kanner all ënnerdaach ze kréien. Si wëllen lo awer d'Qualitéit verbessern andeems si de Maison Relais'en een Optrag ginn (Konzept) a wat och géif hëllefen fir ze vermeiden, dass d'Kanner dat selwecht bastelen an der Maison Relais, wéi an der Schoul. Et misst een sech mat der Schoul ofschwätzen.*

➔ *Ech hunn vun der Ganzdagsschoul zu Esch héieren, dass do Kanner sinn déi mol net wëssen, wat ee Gesellschaftsspill ass?*

Appui:

D'AIP ass der Meenung, dat do soll den Enseignant'en vertraut ginn an alles soll kënnen als Appui agesat ginn. Je no Schoul muss sech de Kanner an de Méiglechkeeten vun der Schoul ugepasst ginn.

Mir kruten gesot, mir géifen an Zesummenaarbecht mat der Madame Flore Schank an dem Här Roby Brachmond e Katalog ausschaffen, mä do ass nach näischt erfollegt.

Verschiede Beispiller vun Appui sënn dunno ugeschwat ginn. Et wier vill besser, och eisen Appui kënnt an der normaler Schoulzäit ofgehal ginn, esou wéi dat bei eisen Aarbechtskollegen am Enseignement fondamental méiglech ass. Dorfir fuerdere mir, déi selwecht Aarbechtszäit wéi eis Kollegen aus de Cyclen 2 bis 4.

➔ *Mir froen dat no a soen hinnen Bescheed. Den Terme „Appui“ ass net gutt ausgewielt an si wëllen een aneren Numm sichen dee besser passt. Wéi maacht dir ären Appui dann, an ass dat wierklech esou, dass d'Kanner an der Spillschoul ëmmer midd sinn no der Schoul?*

Jo d'Kanner si midd an onroueg, wat et heiansdo net einfach mécht den Appui ze halen. D'Kanner sinn och iwwerfuerdert well si vun enger Struktur an déi aner ginn.

Et gëtt eng Crèche, déi 20 Kanner ze vill hunn an dofir da mëttes mat engem Deel vun de Kanner an de Quick oder Zik Zak iesse ginn. Et fällt och ëmmer méi op dass och Elteren, déi net schaffe ginn hir Kanner an d'Maison Relais ginn.

➔ *Dat ass mat de Cheque Servicen verstärkt ginn. Dëse Problem muss een signaléieren a méi genau analyséieren.*

Contingent:

All d'Kanner, déi net an de Précoce ginn oder déi Kanner, déi just 2 mol kommen, missten onbedéngt och zum Contingent gezielt ginn! Well dat Joer duerno hu mir se all am Préscolaire an duerfir mussen se all am Contingent matgezielt ginn.

➔ *Dat ass ee Problem deen eis réischt méi spéit opgefall ass an dofir hu mir verschidde Gemengen ee Plus ginn. Mee dat gëtt dëst Joer geännert a mir froe bei de Gemengen no.*

ENTREVUE AIP-MEN

D'Surnuméraires, déi ee pro Schoul méi kritt, gi meeschtens ëmmer an den C2-4 verdeelt an den C1 kritt oft hir Hëllef, déi si bräichten, gekierzt. D'Ursach *vun deem Problem ass, dass den C1 an der Minoritéit ass an heiansdo och guer net am Comité vertrauen ass.*

→ *Jo mir sinn eis dees bewosst. Esou Fäll musse gekuckt ginn, an et muss een eng Léisung fir die Problem fannen.*

Da ginn et awer vill Schoulen, déi een drasteschen Ofbau vu Personal duerch de Contingent mat-gemaach hunn an doduerch zum Beispill hu missten fir d'Turnen 2 Klassen bei een Titulaire ginn.

→ *Et ass net richtig ze soen dass mir Personal wëlle spueren. Oft héiert een d'Leit soen, mir hunn 18 Kanner op de Kapp an dann handelt et sech iwwert een Enseignement à 2. An duerch de Contingent ass et awer heefeg, dass eng 3. Persoun a grouse Klassen derbäi ass.*

→ *Mir hu keng Leit méi an et ass e Problem nach qualifizéiert Leit ze fannen. Mir hunn immens vill Leit an den Accueil gestach, déi lo um Terrain als Titulaire feelen. An da kennt nach derbäi, dass de Koeffizient vu 16 Kanner pro Klass, esou wéi en am Contingent gerechent gëtt, bei vill Gemengen drënner ass.*

→ *Mir probéieren d'Ressourcen vum „personnel spécialisé“ ze verstärken, wéi zum Beispill an der Logo sinn 12 Leit déi geschwën färdeg ginn an déi si direkt huelen.*

→ *An ee weidere Problem ass, dass et ëmmer méi verhalensopfälleg Kanner gëtt fir déi mir nach net dat richtig Personal oder net genuch Personal hunn.*

All Schoul misst ee Stack vu Leit kréien, da wir d'Hëllef méi séier unzewenden.

PPL: et ass der AIP ganz wichteg dass d'Missioun vum der Schoul an déi vun der Maison Relais net madeneen vermëscht ginn. Si hunn eng Roll, déi komplementär zu der Schoul ass.

→ *Dest gëtt an nächster Zäit mat dem Familjeministère fest gehal.*

Zensur fir den Enseignant?

→ *Wat haalt dir vun der Bewertung vun den Enseignant'en???*

Mir sinn haaptsächlech besuergt em d'Evaluatioun, déi bei den Enseignant'en gemaach soll ginn an dass dat och kéint vun den Instituteur Ressourcen duerchgefouert ginn. Eigentlech gi mer elo jo och schons vum Inspekter kontrolléiert, geet dat dann net duer?

→ *Déi Evaluatioun géif eenzeg an alleng vun den Inspekteren duerchgefouert ginn a vun kengem aneren! Et ass onfair vun de Gewerkschaften, dass si een Text virlesen ginn iwwert d'Evaluatioun, wou jo awer kloer gesot ginn ass, dass den Evaluationsbou fir den Enseignement nach misst ausgeschafft ginn an net dee selwechte wär.*

→ *Et soll keng Kontroll sinn, mee et soll eng Perspektiv opbleiwen, datt ee sech verbessere kann.*

PRS:

D'AIP ass der Meenung, dass de PRS soll ofgeschaaft gin (eventuell durch journées pédagogiques ersat gin). Dat Ganzt ass esouvill Opwand fir e klengen Rendement.

→ *Et soll „gestion par objectifs“ ginn. D'Education soll eppes anescht sinn: Wat hätte mer gären bei de Kanner, wat brauchen se?*

→ *Mir hunn de PRS agefouert fir doduercher d'Equipe pédagogique ze evaluéieren. Méi wéi dat, wat een lo do un Administratives huet missten vum PRS aschécken, kennt net méi bei.*

→ *Déi nei Reform besteet aus zwee Volet'en:*

1. Evaluatioun, déi an eisen An iwwert de PRS geschéie kann
2. Dass no 12 an 20 Joer den Enseignant evaluéiert gëtt.

ENTREVUE AIP-MEN

→ *Eis geet et ëm d'Qualitéit vum Schoulhalen. Dass een sech een Objektiv setzt, op dat hi schafft an dono kuckt op een et erreecht huet. A währenddeems kucken wat eise Kanner géing zegutt kommen.*

→ *Fréier waren einfach nëmmen déi eenzel Leit um Terrain an haut si mir awer scho méi zu enger Eenheet an der Schoul komm duerch de Comité an Zesummenaarbecht mat der Gemeng an den Elteren. Wann net vill Elteren op Elterevereenegungen oder Elterevertriederversammlungen kommen, dann ass dat ee gutt Zeechen fir d'Schoul a mengen An. Dat heescht dann, dass d'Schoul gutt schafft an d'Elteren sech keng Suerge man. A wann een den Elteren richteg seet, wéi et mat hire Kanner ass an hinnen eng Perspektiv gëtt, dass hier Kanner lernfäheg sinn, dann huet ee scho gutt geschafft.*

→ *Den Hauptproblem ass, dass d'Disziplin am Kllassesall net méi déiselwecht ass a ganz ustrengegend fir den Enseignant ass. D'Kanner sinn nervös an et ass och villäicht bei villen neie Gebaier net op d'Akustik opgepasst ginn!*

Regëstere, Excusen a Bilan'en:

Et wier besser, datt de Regëster méi Plaz hätt fir anzeschreiwen. Och moies a mëttes misst getrennt ginn, well soss verschidden Enseignant'en net getrennt aschreiwe kënnen.

→ *Et gëtt eng elektronesch Versioun. Et ass wichteg, dass d'Absencen opgeschriwwen ginn, well den Enseignant dann och geschützt ass. An d'Beschreibung op et „dispense“ oder „maladie“ ass, soll gemaach ginn, well soss den Enseignant net ofgeséichert ass.*

Fir den Elteren d'Wichtigkeet vun de Excusen ze erklären, sot eng Léierin: „a Wierklechkeet setzen d'Kanner net an der Schoul, mee bei engem Friemen am Auto.“

Do gëtt et just ee Problem, wann den Telefon net am Kllassesall steet da muss een erausgoen!!!

→ *D'Elteren sollen hier Kanner telefonesch entschëllegen. Wann den Telefon awer net am Sall ass, dierf een net ophiewen, well et kann een d'Kanner net wéinst dem Telefon eleng loossen!*

Mir wärend frou wa bei de Bilan'en op der éischter Säit méi Platz wier, wann d'Kand d'Schoul wieselt.

→ *Dest ass wat d'Madame Delvaux geäntwert oder gefrot huet!*



LETTE DE SOLIDARITÉ

Dëst war de Solidaritéitsbrëif, dien d'AIP dienen anere Gewerkschaften zoukomme gelooss huet, bei hirer Manifestatioun zu Bartreng vum 1. Dezember 2011.

Novembre 2011



Monsieur Daniel Reding, président de l'APESS,
Madame Monique Adam, présidente du SEW/OGBL,

Par la présente, l'AIP (Association des Institutrices et Instituteurs préscolaires, cycle 1) se déclare solidaire de l'APESS et du SEW/OGBL dans leur litige (discordance) avec la Ministre de l'Education nationale et de la Formation professionnelle ainsi qu'avec le Ministre de la Fonction publique.

L'AIP est consciente du bien-fondé des arguments des deux syndicats d'enseignants et soutient et soutiendra toutes (les) leurs démarches ou actions nécessaires (des deux groupements d'enseignants) dans leur souci de garantir une école publique de qualité aux générations futures.

De plus, l'AIP se déclare solidaire de l'APESS et du SEW/OGBL dans leur attitude hostile à toute bureaucratisation excessive, à toute forme d'évaluation par des choux-choux formés par le MEN, à toute sorte de mise à profit de nos jeunes collègues, prévues par le nouveau statut du fonctionnaire ainsi qu'à toute dévalorisation de la carrière d'enseignant.

Contrairement à d'autres nous savons très bien de quoi nous parlons car nous constatons les effets néfastes des réformes de l'enseignement fondamental depuis leur application. Nous pouvons affirmer que les réformes n'améliorent ni la qualité de l'enseignement, ni les connaissances des enfants.

Nous (tous) avons tous choisi la profession d'enseignant, chacun dans son ordre d'enseignement bien sûr, pour

- instruire les enfants
- les préparer aux étapes suivantes
- leur donner goût à l'effort
- les guider dans leurs apprentissages
- leur donner une saine assurance-en-soi afin de bien maîtriser leur vie future

mais, ni pour faire un travail de secrétaire ou d'observateur, ni pour réaliser des paperasseries excessives qui nous volent notre temps disponible d'un côté pour les enfants/élèves et d'un autre côté pour la préparation optimale de nos cours.

L'AIP souhaite plein succès aux syndicats, APESS et SEW/OGBL, pour la manifestation du 1er décembre 2011 ainsi que pour leurs actions futures et les encourage à rester vigilants les mois à venir.

Le comité de l'AIP

Yola HILD Simone THILL-BUCHMANN Joëlle THEOBALD-SCHMIT
Anne STAHL Nathalie POOS Carole CIATTI

ENTREVUE AIP-DÉI GRÉNG



Altrier, mars 2012

Groupe parlementaire

Madame, Monsieur

Par la présente l'AIP, l'association des enseignants du cycle 1, sollicite une entrevue avec le groupe parlementaire en vue d'un échange d'idées concernant la tâche et l'appui pédagogique des enseignants du cycle 1 de l'école fondamentale.

Dans l'espoir d'une réponse favorable à notre demande, veuillez agréer, Madame, Monsieur, l'expression de nos sentiments très distingués

Pour le comité de l'AIP

D'AIP hat bei verschiddene Groupes parlementaires, vun der DP, der LSAP, déi GRENG an der CSV eng Entrevue ugefrot.

Hei bei eiser Entrevue mat déi GRENG, mir goufen vun dem Deputéierten Här Claude Adam an dem Attaché Här Dan Michels emfaangen. Vu lenks no rechts: Carole Ciatti, Joëlle Theobald-Schmit, Simone Thill-Buchmann, Dan Michels, Yola Hild, Claude Adam a Nathalie Poos.



COMMUNIQUÉ ET ENTREVUE AIP-DP

Communiqué: Entrevue du DP avec l'Association des Institutrices et Instituteurs de l'éducation préscolaire cycle 1 (AIP)

Le Parti Démocratique, représenté par les députés André Bauler et Eugène Berger, a accueilli récemment l'Association des Institutrices et Instituteurs de l'éducation préscolaire cycle 1 (AIP), représentée par Madame Yola Hild (présidente), Madame Simone Thill (secrétaire) ; Madame Joëlle Theobald (membre) et Madame Nathalie Poos (membre)

A l'occasion de cet échange de vues, les représentantes de l'AIP ont relevé une omission dans la réforme de la loi scolaire de 2009 ; lors de la refixation de la tâche normale des enseignants, il a été oublié d'adapter celle des enseignants du cycle 1 à celle des enseignants des cycles 2 à 4 c-à-d à 23 leçons hebdomadaires d'enseignement direct.

Les représentantes soulignent le fait que d'un côté les enseignants du cycle 1 se voient confrontés à des classes d'élèves fortement hétérogènes, nécessitant des activités différenciées et d'un autre côté ne disposent pas des moyens et des ressources nécessaires afin de pouvoir répondre de manière optimale aux besoins des enfants. De plus, par l'introduction de la nouvelle loi scolaire de nombreuses questions d'ordre pratique se posent, surtout concernant l'appui pédagogique p. ex. l'organisation du lieu et l'horaire du cours d'appui, la préparation de ces cours, l'évaluation etc.

Les députés du DP partagent les revendications de l'AIP et se sont engagés à les défendre lors de la révision de la loi scolaire.



Hei bei eiser Entrevue mat der DP, mir goufen vun den Deputéierten, dem Här André Bauler an dem Här Eugène Berger an enger Sekretärin emfaangen. Vu lénks no rechts: Simone Thill-Buchmann, André Bauler, Joëlle Theobald-Schmit, Yola Hild, Eugène Berger a Nathalie Poos.

DOCUMENT



Document remis aux groupes parlementaires

L'AIP est d'avis que les charges administratives sont trop excessives et ne laissent plus assez de temps aux enseignants de se préparer à un enseignement de qualité.

En effet, lors de la refixation de la tâche normale des enseignants, il a été oublié d'adapter celle des enseignants du cycle 1 à celle des enseignants des cycles 2 à 4. Les enseignants, aussi bien que les enfants, du cycle 1 sont toujours forcés de prêter des heures supplémentaires en dehors de l'horaire scolaire normal.

L'AIP demande donc que ce qui est vrai pour les uns le soit aussi pour les autres (enseignants du cycle 1)!!!!!!

Le MEN, dans son souci „de contribuer à renforcer l'esprit d'équipe régnant au sein des écoles fondamentales“ ne devrait plus s'opposer à une harmonisation de la tâche normale des instituteurs du cycle 1 avec celle des instituteurs des cycles 2 à 4 et, par conséquent, ramener leur tâche normale à 23 leçons hebdomadaires d'enseignement direct.

L'AIP ne tolère plus cette discrimination!

Les enseignants du cycle 1 se voient confrontés à des groupes de classes très très hétérogènes. En effet, **tous** les enfants: primo-arrivants, enfants étrangers avec peu de connaissances de la langue luxembourgeoise, enfants à comportement très difficile et enfants à besoins spécifiques sont intégrés dans nos classes et ceci souvent sans aide adéquate.

De plus nous ne disposons pas de manuels scolaires et nous devons organiser, anticiper, planifier, rechercher, inventer, créer, préparer nos cours/activités et les adapter aux besoins des enfants de notre classe en prévoyant maintes différenciations sans oublier les observations, évaluations, réflexions et remédiations concernant chaque enfant de notre classe.

L'AIP est de l'avis que la tâche du cycle 1 soit discutée et analysée lors de la révision de la loi scolaire.

Le comité de l'AIP


ENTREVUE AIP-LSAP

Hei bei eiser Entrevue mat der LSAP, mir goufen vun den Deputéierten, dem Här Ben Fayot, dem Här Bim Diederich an dem Här Claude Haagen an engem Sekretär emfaangen.



Vu lénks no rechts: Bim Diederich, Simone Thill-Buchmann, Joëlle Theobald-Schmit, Ben Fayot, Yola Hild, Anne Stahl, Claude Haagen a Nathalie Poos.

„AIP-Kompetenzdossier“ vun der Mathematik „Raisonnement logique et mathématique“



Am Hierscht gëtt eisen 2. Deel vum Portfolio verëffentlecht, dir kënnt en bei der SNE-édition bestellen.

Avis de l'AIP sur la création du service d'inspection des écoles de l'enseignement fondamental.

L'AIP a bien reçu les documents du MEN au sujet de la création du service d'inspection des écoles de l'enseignement fondamental.

L'AIP est consternée par les articles et les commentaires des articles - l'AIP ne peut en aucun cas accepter cette nouvelle politique de surveillance et de méfiance engendrée par la restructuration prévue de l'inspection. A nos yeux le MEN envisage une augmentation excessive du contrôle et une intensification considérable de l'évaluation des écoles fondamentales, des mesures absolument malsaines qui nuiront au bon climat de travail et à la bonne ambiance entre partenaires scolaires dans nos écoles fondamentales.

Il va de soi qu'avec ce changement de nouvelles charges administratives incomberont aux écoles fondamentales. L'AIP est d'avis que déjà maintenant les charges administratives sont trop excessives et ne laissent plus assez de temps aux enseignants de se préparer à un enseignement de qualité.

S'il est vrai que depuis la mise en vigueur des lois de février 2009, les „membres de l'inspection n'arrivent plus à remplir de manière satisfaisante les nombreuses missions qui leur incombent“ et s'ils sont d'avis qu'ils ont été oubliés lors de la réforme concernant l'école fondamentale, ceci compte au même titre pour les enseignants du cycle 1.

En effet, lors de la re fixation de la tâche normale des enseignants, il a été oublié d'adapter celle des enseignants du cycle 1 à celle des enseignants des cycles 2 à 4. Les enseignants, aussi bien que les enfants, du cycle 1 sont toujours forcés de prêter des heures supplémentaires en dehors de l'horaire scolaire normal.

L'AIP demande donc que ce qui est vrai pour les uns (inspecteurs) le soit aussi pour les autres (enseignants du cycle 1)!!!!!!

Le MEN, dans son souci „de contribuer à renforcer l'esprit d'équipe régnant au sein des écoles fondamentales“ ne devrait plus s'opposer à une harmonisation de la tâche normale des instituteurs du cycle 1 avec celle des instituteurs des cycles 2 à 4 et, par conséquent, ramener leur tâche normale à 23 leçons hebdomadaires d'enseignement direct.

L'AIP ne tolère plus cette discrimination!

Les enseignants du cycle 1 se voient confrontés à des groupes classes très très hétérogènes. En effet, **tous** les enfants: primo-arrivants, enfants étrangers avec peu de connaissances de la langue luxembourgeoise, enfants à comportement très difficile et enfants à besoins spécifiques sont intégrés dans nos classes et ceci souvent sans aide adéquate.

De plus nous ne disposons pas de manuels scolaires et nous devons organiser, anticiper, planifier, rechercher, inventer, créer, préparer nos cours/activités et les adapter aux besoins des enfants de notre classe en prévoyant maintes différenciations sans oublier les observations, évaluations, réflexions et remédiations concernant chaque enfant de notre classe.

L'AIP constate que pour ce qui est du service d'inspection tel qu'il est prévu dans le texte du projet de loi, l'AIP ne peut s'y familiariser et demande que ce chapitre soit discuté et analysé à fond avec tous les partenaires concernés, donc aussi avec l'AIP.

Pour le comité de l'AIP



AVIS

Avis de l'AIP sur la circulaire ministérielle aux administrations communales concernant l'organisation scolaire pour la rentrée 2012/ 2013

Tout d'abord l'AIP tient à remercier Madame la Ministre de demander notre association en son avis concernant ladite circulaire!

